N°309
Entrée le 08.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.02.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Bei der Presentatioun vum Regierungsprogramm an der Sports-Kommissioun vun der Chamber ass den Här Sportminister gefrot ginn, wat seng Positioun wier zu der Interventioun vu speziell forméierte Sports-Enseignanten am Fondamental. Seng Äntwert war, dass een do bei him oppen Diere géif arennen an dass dat “eng Fro vu politeschem Wëlle” wier.

Ech hunn dofir follgend Froen un den Här Sportminister an den Här Educatiounsminister:

- Gëtt et an der Regierung de politesche Wëlle fir speziell forméiert Sports-Enseignanten am Fondamental anzesetzen?
- Gëtt et scho konkret Iwwerleeungen dozou? Schaffen déi zwee concernéiert Ministeren zesummen un engem Projet? Fir wéini kann ee matt der praktescher Ëmsetzung rechnen?

Mat déiwem Respekt

Francine Closener
Deputéiert

**Äntwert vum Här Sportsminister a vum Här Educatiounsminister op d'parlamentaresch Fro n°309 vum 8. Februar 2024 vun der honorabeler Deputéierten Francine Closener.**

- **Gëtt et an der Regierung de politesche Wëlle fir speziell forméiert Sports-Enseignanten am Fondamental anzesetzen?**

- **Gëtt et scho konkret Iwwerleeungen dozou? Schaffen déi zwee concernéiert Ministeren zesummen un engem Projet? Fir wéini kann ee matt der praktescher Ëmsetzung rechnen?**

Den Enseignement Fondamental kennt am Moment keng spezialiséiert Enseignanten déi just spezifesch Matièren géingen ennerriichten. D'Aféierung vun Sportsenseignanten wier deemno en Paradigmenwiessel mat wäitreechende Konsequenzen. Den Regierungsprogramm gesäit esou en Chagement net fir.

**Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo